

Evangelium vum 27. Sonndeg am Joreskrees (Joer B)

Mk 10,2-16

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Markus.*

A. *Dir all Éier, Här.*

2 Et koume Pharisäer bei de Jesus an hunn hie gefrot,
ob et engem Mann erlaabt wär, seng Fra fortzeschécken –
op dës Manéier wollten si hien op d'Prouf stellen.

3 Hien awer huet hinne geäntwert:
"Wat huet de Moses iech virgeschriwwen?"

4 Si soten:
"De Moses huet et zougelooss,
datt een e Scheedungsbréif schreift
an d'Fra fortschéckt."

5 De Jesus awer sot zu hinnen:
"Et ass wéinst ärer Haarthäerzegkeet,
wou hien dëst Gebot fir iech geschriwwen huet.

6 Ma vum Ufank vun der Schöpfung un
huet hien [den Herrgott] si als Mann an als Fra geschafenⁱ;
7 *dowéinst verléisst e Mann Papp a Mamm*
a verbënnt sech mat senger Fra,
8 *an déi zwee ginn eentⁱⁱ;*

duerfir sinn si net méi zwee, ma eent.

9 Wat den Herrgott also matenee verbonnen huet,
dat soll de Mënsch net trennen."

10 Doheem hunn seng Jünger hie weider heiriwwer gefrot.

11 Hie sot zu hinnen: "Wien seng Fra fortschéckt
an eng aner bestit,
dee brécht domat säi Bestietnes mat där éischer Fra,
12 a wann si hire Mann fortgeschéckt huet
an en anere bestit,
da brécht och si d'Bestietnes."

- 13 Dunn hunn d'Leit Kanner bei hie bruecht,
 fir datt hien si beréiere sollt,
 ma si krute vun de Jünger Virwërf gemaach.
- 14 Wéi de Jesus dat gesinn huet, ass hien hafteg ginn
 a sot zu dësen: "Loosst d'Kanner bei mech kommen,
 hënnert si net drun,
 well fir hiresgläichen ass dem Herrgott säi Räich!
- 15 Amen, ech soen iech:
 Wien dem Herrgott säi Räich net unhëlt wéi e Kand,
 dee kënnt ni an dat Räich eran."
- 16 An hien huet d'Kanner ëmäerbelt,
 huet hinnen d'Hänn opgeluecht an huet si geseent.

G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.

A. Dech, Christus, luewe mir.

ⁱ Gen 1,27.

ⁱⁱ Gen 2,24 LXX.